Lëtzebuerger
Guiden a Scouten



Formatioun 'Waardelëscht STAP 2024'

Fir ween	Chef, déi den 1ten Zyklus hunn
Formateur(en)	Barthelemy Carole, Linster Sven, Nerenhausen Christophe, Nicolay Mucky, Oldenburg Marlen, Pott Laurent, Rod Danielle, Weber Sophie
Wou	SNJ Center Marienthal
Wéini	**25. Mee 2024 09:00** bis **01. Jun 2024 15:00**
Umeldung bis	01/05/2024 op https://chefbox.lgs.lu/portal/formatioun/umellen/119/
Kategorie	2. Zyklus
Typ	Bësch, Diskussiounsronn, Dobannen, Dobaussen, Wiss
Beschreiwung	Dëst hei ass eng Waardelëscht fir de STAP 2024. Wann Plazen fir de STAP fräi ginn, gëss du informéiert. De STAP ("Stage d'Approfondissement Pédagogique") ass den "theoreteschen" Deel vum 2. Zyklus vun der Formatioun bei den LGS, fir eng Ernennung als Branchechef (Biberchef, Akela, Truppechef, Clanchef) an de Brevet Animateur C ze kréien. Dëse Formatiounscamp ass fir all d'Branchen zesummen an dauert 8 Deeg / 7 Nuechten. Konditioune fir de STAP matzemaachen : - op d'mannst 18 Joer al sinn - eng Ernennung als Assistent (den 1. Zyklus vun der Formatioun muss ofgeschloss sinn !) - alternativ: de Brevet Animateur B bei enger anerer Organisatioun + Methodendag bei enger LGS-Branche
Ziler	Um Enn vun dëser Formatioun soll de Kandidat kënnen : eng Branchenunitéit (Famill, Ruddel, Trupp, Clan) an eng Chefekipp leeden e Camp (eng Aktivitéit vun 3 oder méi Nuechten) organiséieren a leeden.
Inhalt	Roll vum Branchechef Féierungsstiler Organisatioun vun engem Guiden- a Scoutscamp Administratives (intern an extern) Finanzielles (e Budget opstellen a geréieren) Logistik (eng Campplaz ariichten) Sécherheet, Präventioun, Assurancen, Abus sexuel Psychologie vum Kand / Jugendlechen Gruppendynamik Konfliktpräventioun Elterenaarbecht Internationales (Camp am Ausland) Ravi (en ausgeglachene Menu opstellen) Branchemethoden Campliewen Animatiounstechniken

Merci un eis Sponsoren
BeFresh
lalux ASSURANCES
SPUERKEESS

Lëtzebuerger
Guiden a Scouten

	Naturpädagogik Spirituell Animatioun Bilan vun enger Aktivitéit
Präis & Bezuelen	gratis € Keng Bezuelinfos hues de an der Rechnung stoen.

Merci un eis Sponsoren

BeFresh

lalux ASSURANCES

SPUERKEESS